# DENG SYPROLUX-KANDIDATEN
# AUS DEM SERVICE ACTIVITÉS VOYAGEURS (AV)



**MARKUS BECKMANN**
AV



**FABRICE BICHLER**
AV



**FRANK DUMONT**
AV



**SVEN LASCHETTE**
AV



**SARAH MANCINI**
AV



**PEDRO TAVARES**
AV



**ERIC WENGLER**
AV



**JÉRÔME WEYRICH**
AV

Als SYPROLUX fuerdere mer:

**A punkto Beruff**

- d'Aféiere vum grousse Primesaz fir d'Zuchbegleeder op de Feierdeeg- a Nuetsschichten
- eng Revaloriséierung vum Beruff vum PAT duerch d'Aféieren vun engem Primesystem op d'Missioune vum Agent bezunn
- op juristeschem Plang, am Code Pénal den Ugrëff op en CFL-Agent méi héich gestrooft gëtt (esou wéi fir en Agent vun der Police oder dem CGDIS)
- d'Aféiere vun enger Paus tëschent der 2. An der 6. Stonn a vun enger Schicht
- d'Begleedung vun all Persounenzuch och an Zukunft

**A punkto Recrutement a Formatioun**

- d'Prozedure beim Rekrutement ze straffen
- Rekrutementer, déi et erlabe Beruffs-a Familljeliewe besser ze vereinbaren
- e fairt Zesummespill vun Deelzäitaarbecht a Vollzäitaarbecht an eisen Aarbechtspläng, mat Modeller, déi Kolleeg:innen zefriddestellen
- eng Analyse vum Ist-Zoustand vun der Formatioun PAT a Guichet
- eng optimiséiert Formatioun de base mat der Aféierung vu Sproochecours'e fir lëtzebuergesch a net lëtzebuergesch Kandidat:innen fir Defiziter an de Sprooche Franséisch, Däitsch, Lëtzebuergesch ze behiewen a mam Engleschen eng weider Sprooch ze léieren
- eng verbessert Formation Continue un d'Besoin'e vun haut ugepasst duerch:
  - d'Opstelle vun engem Froekatalog fir de Question-Mark,
  - duerch d'Aféiere vun engem „Accusé de réception", datt een e Question-mark ausgefëllt huet
  - duerch vollen Zougrëff op seng eege Question-Mark's
  - duerch absolut Transparenz bei de Qualifikatiounen an Examen
  - duerch d'Ofhale vu reegelméissegen „Journée PAT", mat konkretem Bezuch op Praxis

**A punkto Sécherheet**

- eng verbessert Formatioun zum Thema Deeskalatioun a Selbstverteidegung
- Parkméiglechkeete mat kuerze Wee'er op d'Plaz, wou een säin Déngscht ufänkt
- d'Aféiere vun enger Hausuerdnung an eisen Zich an eise Garen
- d'Schafe vun enger Police-Unitéit fir den ëffentlechen Transport



**8 STËMME FIR DE SYPROLUX**

**LËSCHT 5**

# Wat der zu de Sozialwalen an zu de SYPROLUX-Kanditat:innen wësse sollt




## SERVICE AV

## 8 STËMME FIR DE SYPROLUX



### Sozialwalen 2024 – wichteg Upassungen

1. All Agent, deen am Service AV affektéiert ass a schafft, geet och am Service AV wielen. An zwar onofhängeg vun senger Karriär an sengem Grad. Di vereelsten Reegelung, datt méi héich gradéiert Agente sollen an de Services Centraux mat wiele goe fält domadder ewech. Dës Änнerung, déi op Grond vun engem Virschlag vum SYPROLUX agefouert gouf, huet zesumme bruet, wat zesumme gehéiert. Esou gëtt eng gemeinsam Populatioun beim Chef de Service vertrueden.
2. All Agent aus dem Cadre Hors Statut huet d'Recht a sengem Service mat wielen ze goen. Och dës Fuerderung vum SYPROLUX, déi Bestanddeel vun eisem Schreiwes fir eng méi gerecht an attraktiv Personalvertriedung, gouf ëmgesat. Och d'Mataarbechter:innen aus dem Cadre Hors Statut gehéieren zum Zesummeliewen a Schaffe vun engem Service an och si hunn e Recht op eng éierbar Personalvertriedung.

### SYPROLUX-Kandidat:innen

- am Service AV triede mer mat 8 Kandidat:innen un
- den Altersduerchschnëtt vun eiser Lescht läit bei 41,1 Joer
- op eiser Lëscht kandidéiere 5 Zuchbegleeder, 2 Agenten aus dem "alen" Service Central an 1 Agent trëtt fir d'Personal am Guichet un
- 5 Kandidat:innen ginn eng éischte Kéier mat an d'Rennen.

Et ass deemno eng equilibréiert Lëscht aus Erfarung an neien Denkustéiss, déi sech engagéieren d'Interessi vun den Eisebunner:innen di kommend Joer ze vertrieden an ze verteidegen.

### Wat d'SYPROLUX-Vertrieder ereecht hunn:

- eng séier an transparent Informatioun un d'Kolleeg:innen zu den abléckleche Mesurë wärend der Pandemie
- eng provisoresch Dispens vun de Kontrollgäng an den Zich wärend der Pandemie
- en ofgegrenztent Zuchabteil fir d'Zuchbegleeder:innen wärend der Pandemie
- e neie Congéssystem mat 3 Lëschten, doduerch kann elo méi roude Congé garantéiert ginn
- d'Roulemente sinn ugepasst ginn, elo si Schichten a Roudeeg méi gläichméisseg verdeelt
- de Patron de Stage krut fir déi Missioun 9 Punkte bäi a sengem Gehalt
- am Guichet brauch keen Agent mei Sue bäizeleeën am Fall vun enger Differenz an der Keess
- de Punktesystem fir Aarbechtskleedung/Uniform ass vun 90 op 200 Punkten eropgesat ginn.
- fir de Service vun de Portier ass a punkto Aarbechtskleedung elo och Themowäsch verfügbar
- d'Schicht- an d'Roulementpersonal kruten 8 Fraistonnen fir perséinlech Zwecker (crédit d'heures pour raisons personnelles)
- d'Wuelbefannen op der Aarbechtsplaz konnt verbessert ginn duerch d'Renovatioun vun enger Partie "salles de repos"
- Kaffismaschinnen a Waasserspender sinn opgestallt ginn
- d'Mataarbechter:innen ginn iwwert d'Woch mat frëschem Uebst beliwwert
- duerch e konstruktiven Dialog mat der Obregkeet lafen d'Formation continue, d'épreuves professionnelles an d'ECP méi mënschlech of
- den Toun vu verschidden Notten ass de Mataarbechter:innen géigeniwwer méi fair a frëndlech
- duerch e verbesserten Dialog mat der Obregkeet huet ee wesentlech méi Versteesdemech fir d'Personal an de Guichet'en erziilt

**LËSCHT 5**